ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. Oktober 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Neuroleptika si Medikamenter, déi net onëmstridde sinn. Net gutt ugesinn ass dës Zort Medezin am Kader vun der Rouegstellung vu Patienten an och, wat d'gesondheetlech Konsequenze vun esou Medikamenter bei eelere Leit solle sinn. Trotzdeem fënnt ee praktesch all déi gängeg Neuroleptika op der Lëscht vun de Medikamenter, déi zu Lëtzebuerg verkaafz däerfe ginn. Duerfir wollt ech dës Froen un d'Madame Gesondheetsminister stellen:

1. Wat ass generell d'Aschätzung vu Neuroleptika, déi ëmmer nees an der Ëffentlechkeet kontrovers diskutéiert ginn?
2. Wien däerf déi Medikamenter hei zu Lëtzebuerg verschreiwen, all Dokter oder nëmmen Dokteren, déi an der Psychiatrie spezialiséiert sinn?
3. Ass d'Madame Minister der Meenung, datt Neuroleptika Medikamenter sinn, déi routineméisseg, z.B. an engem CIPA, kënnen agesat ginn?
4. Hunn de Ministär oder d'Krankekees eng Méiglechkeet, fir bei engem Patient en aussergewéinleche Gebrauch vu Medikamenter, siefen et Neuroleptika oder aner Produiten, festzestellen?
5. Sinn der Madame Minister Fäll vu Patiente mat Problemer bekannt, déi op d'Verschreiwe vun Neuroleptika zeréckzeféiere sinn?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten